# Home : Holz


Holz bréngt eng speziell waarm **Ambiance** an e Scoutschalet, op d'Campplaz oder an d'Veillée.

Wann e „Premier Equipement" fir e néien Home ugeschaf get, esou huet een d'Méiglechkeete méi **Holzemiwwel** unzeschafen amplaz méi Miwwel aus Metal. Et kann een ëmmer ofweien wat fir wéi e Besoin méi ugepasst ass: hëlze Miwwel wéi Dëscher, Still a Schief z.B. fir d'Réuniounssäll an d'Dortoire, Etagère a Schief aus Metall fir d'Kiche a fir de Stockage vum Camp- a Verwaltungsmaterial. Natiirlech zielen och Ëmstänn wi Iwwerschwëmmungsgefor mat ob een elo éischter hëlzen Miwwel oder Equipementer aus Metall wielt. Bei den Uschaffunge vu Miwwel aus Holz soll een am Buttek oder beim Schrainer froe fir zertifiéiert Holz aus der Régioun oder aus enger nohalteger Bësch- an Holzwirtschaft ze kréie. Discountermiwwel gin nëmme seelen nohaltege Scoutsbesoin'e gerecht.

Holz ass e Material dat **Entretien** brauch, egal ob et sech elo em Miwwele, Dire, Fënstere oder em Konstruktiounsholz dréint . Dëschplaque kënne ofgeschlaff gin an nei geuelegt oder vernéiert ginn, esou hale se ganz laang. Bei Dësch- a Bänkgarniture fir dobausse opzeriichte kann een an der Regel d'Dësch- a Setzplaque ersetze esou datt d'Ënnerkonstruktiounen generatiounsiwwergraifend am Asatz kenne sinn. Dselwecht e Buedemparquet an engem Dortoir oder eng viischt Dir…. Holz kann ower och ee Baustoff sinn fir beléifte Campateliere wéi z.B. „Sech säi Campstull baue":

**Konstruktiounsholz** soll geschielt gin éier et stockéiert get well sech sos den Holzwuerm tëscht Schuel a Wäissholz verbreed an no zwee bis drei Joër eng Dännestaang vun 10 cm Duurchméisser onbrauchbar mecht fir Campkonstruktiounen. **Konstruktiounsholz dat déclasséiert get, ass ower ëmmer nach gudd fir als Lagerfeierholz stockéiert ze ginn.** Miwwel di ausgesënnert ginn, fannen ëmmer nach en zweet Liewe an engem Materialkeller oder op enger Aktivitéit wou et z.B. drëms geet eng speziel Dékoratioune ze ëntwerfen.

**„Call your local forester"** zielt generell fir Aktivitéite an der Zone verte a ganz besonnech an Naturschutzzone, mee och ganz einfach fir d'Organisatioun vu Konstruktiouns- a Brennholz: Konstruktiounsholz ass an Nord-West- an a Mëtteleuropa meechtens Dännenholz, speziell vu Fichte, well et relativ riicht wiist. Vu, datt staatlech Böscher an aise Breedegrade Entfichtungsprogrammer lafe hun, an de Privatbescher de Borkenkäfer entficht, esou get gewuessent Dännenholz fir Scoutskonstruktiounen lues awer secher e raren Artikel. Emsou méi wichteg ass et di **Konstruktiounsstaange déi een huet gudd ze versuergen.** Laangfristeg muss ee no Alternative siche zur klassescher Dännestaang, schon elo ginn et Fierschterrevéier di keng Fichte mi hunn. Am gudde Kontakt mam Fierschter kann ee sech iwwert Nopeschtriage versuerge loosse an z.B. selwer ënnert Uleedung vum Fierschter op der Hand oder machinell schiele. **Konstruktiounsholz zu Hackschnitzel ze verschaffen soll di läscht Verwendung sinn nodeems virdrunner e**



**Maximum un Holz u** lokal Gruppe di Stockageméiglechkeete hun, verdeelt gouf. Vill Gruppe kënnen no nationale Campe och esou hiirt Konstruktiounsholz ernéieren.

**Feierholz** fir d'Campkichen , d'Lagerfeierplazen an d'Opent Feier am Kamain oder Uewen kann ee och via de Fierschter organiséiere a mat Eegeninitiative eraushuele: no Coupe gin d'Lot'e dacks fir en Apel an e Stéck Brout als „Raum-Lous" versteet esou datt een d'Holz wat léie bliwwen ass dachs kann opschneide fir d'Besoin'e vum Home. Och an de Gréngschnëttzentere vun de Gemenge fënnt ee vill Holz dat wann een léif freet och mathuele kann.

Allerdings muss een sech iwwert **d'Lagertechnike** informéiere, fréscht geschniddent Holz brauch Zäit fir ze drechene éier et gudd verbrennt, sief et mat engem ideale Hëtzegrad fir d'Campkichen, sief et fir e schéint Lagerfeier. E Boxesystem fir Joresholz ass eng flott Alternative fir e geregelte Stockage vu Feierholz.

Wann ee Scoutsgrupp en egene Bësch huet, esou zielen natiirlech och hei d'Prinzipie vun enger **nohalteger Holz- a Bëschwirtschaft**, nëmme esouvill eraushuele wéi nowiisst oder wéi een verjünge kann. Opforstunge iwwert 15 a musse ugefrot gin. Duuch d'Unzeeche vu Klimawandel soll een Bamzorte favoriséiere déi di tendentiel mi waarm Simmer besser verdroe wéi ais aktuel dominant Bicheböscher:  Eeche, Lanne, Deck Nësserten, Iesskäschte...all dës Zorte maachen aus aise Bichen-dominéierte Bëscher méi resistent Mëschbëscher di besser opgestallt sin fir d'Zukunft.

Generell zielt och hei de Prinzip, datt een e **moderéierte an nohaltege Holzverbrauch** soll ënnerstetze an Holz net mutwëlleg verbetze soll: e Lagerfeier ass kee Buergbrenne a bei enger Campkiche kënnt et net op d'Héicht vun der Flam mee op den Hetzwaert vum Holz un. Holzkuele erlabe eng regelmässeg Hëtzt um Grill oder beim Pakalu. Konstruktiounsholz soll net verseet ginn a wann dann eng Staang ugepasst muss gin fënnt se henno hir Plaz an de nächste ënnergeuerdente Konstruktiounsholz-Kompartimenter oder schlussendlech beim Holz fir d'Lagerfeier.

A Länner mat wéineg Bësch ass et duurchaus üeblech datt een Konstruktiounsholz aus Noolenzorte wéi Pinie (mi knuebbeleg) oder Biirke oder anerem schnellwüchsegem Waasserholz kritt, respektiv, datt ee Feierholz déier bezuele muss well et e rare Artikel ass.

---

> Lëtzebuerger Guiden a Scouten
> Arbechtsgrupp Nohaltegkeet
> nohaltegkeet@lgs.lu

*Home : Holz, Editioun vum 18. September 2021*

---